

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Gesondheetsminister an un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op déi dréngend parlamentaresch Fro n° 5411 vum honorabelen Deputéierte
Marc Goergen schreift den Här Arméiminister: *"Ech confirméieren dass d'Kandidate fir Zaldot
oder Militaire de carrière ze ginn ab dem 1. Januar 2022 nëmmen ugeholl ginn, wann se ee
vollstännegen Impfzyklus géint COVID-19 virweise kënnen. (...) D'Loi modifiée du 16 avril 1979
ayant pour objet la discipline dans la Force publique ass d'legal Basis fir dës Entscheidung."*
Doduerch ass d'Arméi deen éischten éffentleche Berufsssecteur hei am Land, wou eng
Impfflicht agefouert gëtt, an dat, obschonns et nach guer kee Gesetz iwver d'Impfflicht gëtt.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

- 1) D'Sécherheetsdéngschter hei am Land (CGDIS, Police, Arméi, asw.) sinn all vun der
aktueller Pandemie-Situatioun betraff. Ass et dowéinst an den Ae vun der Regierung
justifiéiert, fir elo d'Impfflicht nëmmen an engem vun deenen Déngschter anzeféieren,
vu que datt de Critère vun der Operationnalitéit jo déi Verwaltungen alleguer betrëfft?
- 2) Bei der Reform vum Policegesetz gouf, eises Wëssens, d'Impfflicht fir d'Membere vun
der Police ofgeschaaft. Missten d'Membere vun der Force Publique an där Hisiicht net
all d'selwecht behandelt ginn?
- 3) Iwwerhëlt de Staat d'Haftung fir déi medezinesch Niewewierkungen, déi duerch
d'Flichtimpfung bei verschiddene Membere vun der Arméi opriede kéinten?
- 4) An der "Version consolidée au 18 décembre 2020" vum "Règlement grand-ducal du 18
octobre 2001 déterminant la liste des vaccinations recommandées" gëtt och
d'Impfung géint SARS-COV2 ernimmt. Steet dësen "caractère recommandé" vun der
COVID-19-Impfung net a Widdersproch zur agefouerter Impfflicht fir Membere vun
der Arméi? Misst dës Impfflicht net un ee konkret Gesetz gebonne sinn, wat et am
Ablack nach net gëtt? Wéi eng medezinesch Sécherheetsbestëmmungen a-kontrollen
a wéi eng legal Prozedure besti fir d'Membere vun der Arméi, fir datt déi Dispositioun
vum Art. 3 aus dem Gesetz vum 16. Abrëll 1979 net kann iwverinterpretéiert a
beispillsweis op Substanzen applizéiert ginn, déi nach keng definitiv Zouloossung vun
de kompetenten europäeschen Instanzen hunn?
- 5) An der Annexe A ("Liste des vaccinations pour le service militaire") vum "Règlement
de l'Armée n°450-40" vum 25. Oktober 2021 steet, datt d'Impfung géint Covid-19 just

obligatoresch ass "pour tout militaire déployable ou personnel civil déployable". Steet dës Bestëmmung net am Widdersproch zur Ausso vum Här Minister, datt all Member vun der Arméi vum 1. Januar 2022 un ee vollständigen Impfzyklus géint COVID-19 virweise muss? Hätt een also net fir d'éischt missen d'Arméisreglement modifizéieren, ier een d'Impfflicht fir all Member vun der Arméi agefouert huet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten